piraten.lu

N°4401
Entrée le 07.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 07.07.2026

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/07/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

En Artikel vu Reporter.lu vum 7te Juli huet besuergneserreegend Informatiounen zum Projet Alpha publizéiert: de wëssenschaftleche Rapport vum Lucet (Luxembourg Centre for Educational Testing), deen d'Resultater vun de Schüler zwee Joer no der éischter Pilotphas auswäert, wier schonn zënter Februar 2026 fäerdeg, bleift awer op Decisioun vun de stëmmberechtegte Memberen aus dem Bildungs- an Héichschoulministère bis Mëtt Juli 2026 ënner Embargo. Well den Här Minister fir d'Froestonn an der Chamber vum 7. Juli 2026 net disponibel war, konnt dëse Sujet do net ugeschwat ginn. D'Eltere mussen awer bis de 9te Juli eng Entscheedung treffen.

D'Zäit drängt awer: d'Elteren, deenen hir Kanner am Cycle 1.2 sinn, mussen d'Wal vun der Alphabetiséierungssprooch (Franséisch oder Däitsch) fir hiert Kand elo oder an de nächsten Deeg treffen. Si entscheeden domat iwwer eng zentral Fro fir d'Schoulzukunft vun hire Kanner, ouni Zougang zu deenen aktuellsten Donnéeën ze hunn, déi extra fir dës Entscheedung erhuewe goufen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ass den Här Minister bereet, de Lucet-Rapport spéitstens virum 9. Juli 2026 ze publizéieren, sou datt d'Elteren op enger informéierter Basis entscheede kënnen?

2. Wann eng Publikatioun virum 9. Juli net méiglech ass: ass den Här Minister bereet, de Wal-Delai fir déi betraffe Familljen ze verlängeren, bis d'Resultater ëffentlech sinn? Wa nee, firwat net?

3. Ass et virgesinn, datt Elteren, déi hir Wal scho virun der Publikatioun vum Rapport getraff hunn, dës nach eng Kéier iwwerdenke respektiv ännere kënnen, wann sech aus dem Rapport wesentlech

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Erkenntnisser erginn?

4. Wat sinn d'konkret inhaltlech Grënn fir den Embargo bis Mëtt Juli, wann d'Zousatzanalysen, déi de Lucet gemaach huet, just d'Zouverlässegkeet vun de Resultater laut der Lucet-Direktesch confirméieren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés